ESCHER DÉIEREPARK

# AKTIVITÉITEN AM DÉIEREPARK
## AN DER SUMMERVAKANZ 15€

Umeldung obligatoresch: **Tel: 2754 3752** (Méi. – Frei. vun 9:00 – 17:00)



**30. Juli** · 10:00 bis 12:00 Auer · ab **6** Joer

## LAVENDEL-MOIEN

Entdeck de Lavendel a seng vill Stäerkten. Mir richen, schmaachen a léieren dës besonnesch Planz besser kennen. Zum Ofschloss genéisse mir e gudde Lavendel-Fizz am Bamhauscafé.



**06. August** · 10:00 bis 12:00 Auer · ab **8** Joer

## IESELS-MOIEN

Déi gréissten – an natierlech och déi léifsten – Iesele vun der Welt waarden am Escher Déierepark op dech. Verbréng e flotte Moie mat hinnen a léier dës faszinéierend Déiere besser kennen.



**13. August** · 10:00 bis 12:00 Auer · ab **6** Joer

## KANÉNGERCHERS-MOIEN

Léier alles iwwer deng kleng Frënn, fir datt's du weess, wéi een sech richteg ëm si këmmert, a kréi däi Kanéngerchers-Führerschäin! Deen gëtt et nëmmen am Escher Déierepark.



**20. August** · 10:00 bis 12:00 Auer · ab **8** Joer

## KONIKPONYEN-MOIEN

„Konik" ass Polnesch a bedeit „klengt Päerdchen". Kommt a verbréngt e flotte Moie mat hinnen a léiert dës interessant Ponyrass besser kennen.



**27. August** · 10:00 bis 12:00 Auer · ab **6** Joer

## GEESSE-MOIEN

Verbréng e Moie mat eise Geessen. Si sinn e bësse stuer, mee wann een si bis kennt, si se witzeg a léif. Um Programm: kenneléieren, mat hinne spadséiere goen, fiddere an de Stall ausmëschten.



**03. September** · 10:00 bis 12:00 Auer · ab **6** Joer

## PONY-MOIEN

Verbréng e schéine Moie mat eise Ponyen, léier si besser kennen an entdeck, wéi een se richteg fleegt, fiddert a sech léif a verantwortungsvoll ëm si këmmert.

Rendez-vous ass ëmmer virun der Aktivitéit am Bamhauscafé

Den Preis ass jeweils 15€ pro Kand an Aktivitéit

esch

ESCHER BAMHAISER

GAGNANT LUXEMBOURG TOURISM AWARDS 2021

deierepark.esch.lu

**Kontakt an Informatiounen:**
Tel.: (+352) 2754 3752